N°2308
Entrée le 10.06.2025
Chambre des Députés

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

**Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel Xavier Bettel op déi parlamentaresch Fro n°2308 vum 13. Mee 2025 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

1. **Wat fir eng Positioun wäert Lëtzebuerg wärend dem Rot anhuelen?**
2. **Ass de Minister bereet, d'Virugoen am Kader vum Artikel 7(1) EUV z'ënnerstëtzen, andeem hien explizit unerkennt, datt Ungarn e klore Risiko fir e seriöse Broch vun den EU-Wäerter duerstellt? Wann net, firwat net a wat fir aner Aktioune schléit de Minister vir, fir de Rechtsstaat an Ungarn ze schützen?**
3. **Wat fir zousätzlech konkret Aktioune plangt de Minister z'ënnerstëtzen oder ze initiéieren, wéi zum Beispill d'Prozedur ënnert dem Artikel 7(2) EUV auszeléisen? Wann zu kengen zousätzleche Aktiounen bereet wier, wat ass d'Begrënnung dofir a wat fir aner Aktioune schléit de Minister vir, fir de Rechtsstaat an Ungarn ze schützen?**
4. **Ass de Minister bereet, aktiv op aner Memberstaaten duer ze goen a Support ze sammelen fir weider Rotsaktioune betreffend Artikel 7(1) an/oder Artikel 7(2) EUV?**
5. **Wat fir konkret Aktioune wäert de Minister ënnerstëtzen, fir sécherzestellen, datt de Fall vun Ungarn op der Agenda vum Rot bleift, bis reell, moossbar Fortschrëtter erreecht ginn?**
6. **Wat fir aner Schrëtt gedenkt de Minister mat senge Kolleeginnen a Kolleegen ze ënnerhuelen, fir eng weider Verschlechterung vum Rechtsstaat an de Mënscherechter an Ungarn ze verhënneren?**

***

Lëtzebuerg ass weiderhi ganz besuergt iwwert d'Situatioun vun der Rechtsstaatlechkeet an Ungarn, an zumools iwwert déi rezent Entwécklungen déi an d'Versammlungsfräiheet an d'Meenungsfräiheet vun den ungaresche Bierger agräifen, an d'Rechter vun der LGBTQI+ Gemeinschaft staark beschränkt.

Wärend der aachter Unhéierung vun Ungarn am Kader vun der Artikel 7 Prozedur am EU-Rot fir allgemeng Ugeleeënheeten (CAG) zu Bréissel hunn d'Benelux Länner ganz kloer ënnerstrach datt déi rezent Developpementer extrem beonrouegend sinn, an huet Ungarn dozou opgefuerdert kloer a credibel Schrëtt ze huele fir dës Mëssstänn ze behiewen.
Ausserdeem, huet Lëtzebuerg sech, zesummen mat 19 anere Member Staaten, enger Deklaratioun ugeschloss an där déi rezent ungaresch Legislatioun kritiséiert gëtt, an op d'Situatioun vun der d'LGBTQI+ Gemeinschaft higewisen gëtt. An dëser Deklaratioun appelléieren déi jeeweileg Member Staaten un d'EU-Kommissioun, all d'Instrumenter déi hier zur Verfügung stinn ze benotzen, am Fall wou Ungarn dës nei Moossnamen net zeréckzitt. Lëtzebuerg ass och der Meenung dass d'Situatioun an Ungarn weiderhin ënnert der Artikel 7 Prozedur soll suivéiert ginn an dofir och um Agenda vum Rot soll bleiwen.

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

En plus bedeelegt Lëtzebuerg sech un de Kloen vun der Europäescher Kommissioun virum Europäesche Geriichtshaff. Lëtzebuerg deelt kloer d'Meenung vun der Kommissioun datt dës Gesetzer géint verschidden europäesch Grondrechter verstoussen.

Luxembourg, den 10 Juni 2025

Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel